N°4155
Entrée le 29.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.05.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 29. Mee 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus an un den Här Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.

Rezent huet d'Press gemellt, datt Direktioun vu "Samsung Electronics" an d'Gewerkschaften sech am Konflikt iwwer massiv Beneficer op Rekord Bonien fir d'Mataarbechter:innen gëeenegt hunn. Dat weist, datt et méiglech ass, d'Beleegschaft vu grousse Betriber méi staark un aussergewéinleche Profitter ze bedeelegen an esou eng méi gerecht Ëmverdeelung ze assuréieren.

Wëssend datt Lëtzebuerg och Standuert vu verschiddene grousse Betriber ass, déi an deene leschte Joren aussergewéinlech Beneficer verbucht hunn déi un d'Aktionären gaange sinn, géing ech den Häre Ministere follgend Froe stellen:

- Wéi bewäert d'Regierung Modeller, bei deenen d'Beleegschaft direkt un aussergewéinleche Profitter oder Produktivitéitsgewënner vun Entreprisen bedeelegt ginn?
- Ass d'Regierung bereet, nei Initiativen ze ënnerstëtzen, déi eng méi gerecht Verdeelung vu Gewënner tëscht Kapital an Aarbecht férderen, notamment iwwer d'Adoptioun vu Participatiouns Modeller an/oder en Iwwerdenke vu Bonus Modeller wéi der Prime Participative?
- Ass geplangt, am Kader vun der Wirtschafts- an Industriepolitik, Mesuren ze analyséieren oder auszeschaffen, fir d'Participatioun vun de Salariéen un de Resultater vun hire Betriber stäerken?
- Ass d'Regierung der Meenung, datt esou Instrumenter hëllefe kéinten, qualifizéiert Talenter unzezéien a Konflikter op der Aarbecht ze reduzéieren, an esou d'Kompetitivitéit vu Lëtzebuerg ze stäerken?

Mat déiwem Respekt

Taina Bofferding

Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu